ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Wéi den 9. Mäerz am Lëtzebuerger Wort ze liese war, huet den ukrainesche President, den Här Selenskyj, sech am Kader vun engem Telefonat mam Här Staatsminister fir 250 Milliounen Euro u Lëtzebuerger Ënnerstëtzungsgelder bedankt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung preziséieren ob et sech bei deenen 250 Milliounen Euro ëm Suen handelt, déi schonn un d'Ukrain ausbezuelt goufen, oder ëm e Montant, deen den Här Staatsminister nei an Aussicht gestallt huet? Handelt et sech em Sach- oder em Geldleeschtungen? Sinn déi Leeschtunge fir déi Leit déi als Flüchtlinge bei eis kommen an där Zomm mat dran oder nach net?
2) Falls et sech ëm Suen handelt, déi scho gefloss sinn, kann d'Regierung da preziséiere wéi engem Zweck déi eenzel Montante gedéngt hunn, wien d'Empfänger waren an ënnert wéi engem jeeweilege Budgetsartikel se ausbezuelt goufen?
3) Falls den Här Staatsminister dës Zomm nei an Aussicht gestallt huet, wéi eng Leeschtunge mussen dann iwwer de legislative Wee nach vun der Chamber autoriséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten